



sinn, déi en industriellen oder en „business case“ beinhalten, deen ee ka begleeden, well et eng Logik gëtt, fir dat ze maachen.

Iwwregens muss ee soen, wann Der de Pressecommuniqué gesinn hutt, da gesitt Der, dass eng Privatbank déi ass, déi am Moment deen Invest do assuréiert. Wat d’Gemeng Dikrech ubelaangt, déi huet jo eng Rei Délibératione geholl an deem dote Fall, mä déi spillt eng determinant Roll herno. Si muss de PAG ëmänneren, si ass gewëllt dat ze maachen. Fir dass weiderhi gebraut do gëtt, ass et evident, dass et muss eng gewësse Rentabilitéit ginn. An och, fir dass et weidergeet, muss et eng Rentabilitéit ginn. Ech kenne kee Betrib, Privatbetrib, dee weiderschafft, wann en nëmme Pertë mécht. Dat kann ech mer net virstellen.

Also ass et evident - d’Rentabilitéit vun engem Betrib ass relativ liicht ze rechnen, dat gesäit een herno a senge Bilanen -, dass een dat do muss iwwerkucken. Mir wäerten nach eng Kéier datselwecht maachen, wat mer elo gemaach hunn: Mir wäerten Drock maachen, fir dass dat weidergeet. Wéi mer dat bei all Betrib probéieren ze maachen, wou mer gesinn, dass et e Sënn gëtt. Déi Brauaktivitéit zu Dikrech, hätte mir gär, dass se weidergeet, a mir hätten och gär, dass e Maximum vun deenen Aarbechtsplazen erhale bleift!

Mä ech ginn awer och dovun aus, dass, wann d’Gemeng elo e groussen Effort mécht, de PAG ëmännert, all déi Froen, déi se an hirer Délibérationen an engem - wéi soll ech soen - an enger Décision d’intention geholl huet, dass se och kuckt, dass dat esou geschitt, an net, dass do herno Saachen dee falsche Wee ginn. Duerfir, hei spillt d’Gemeng, menger Mee-nung no, e ganz wichtige Rôle. Dat geet iwwer en neie PAG, iwwer en neie PAP, dat gëtt doudsécher eng laangwiereg Prozedur, wou, mengen ech, Zäit genuch ass, fir ze kontrolléieren, dass keen Unfug do geschitt.

Fir de Rescht muss ech soen, dass dat hei e ganz komplizéierten Dossier war. Ech hunn nach seelen esou Gedeessens och gesi wéi ronderëm deen Dossier. Et war och Drock vu baussen, dat muss een esou gesinn. Seelen huet een esou eng Mobilisation gesinn. Et ass echt, dass mer dat fir de Béier hunn, a fir aner Saachen net hunn, mä en fait ass dat vläicht eng Particularitéit awer vun eise Land. Ech mengen, hei huet all Acteur seng Responsabilitéit geholl. D’Regierung huet hir geholl. Mir hunn net eranzerieden an d’Rentabilitéits-iwwerleeunge vun engem Betrib. Mir hunn eranzerieden dann, wa mer gefrot ginn, fir eng Finanzéierung mat ze assuréieren, wann eng industriell Logik han-nendrun ass.

Wéi gesot, hei sinn ech haaptsächlech emol frou, dass esou vill Aarbechtsplazen trotzdeem elo ofgesécher sinn. Dat ass jo eng kloer Deklaratioun gewiescht, déi vu Säite vun de Partner komm ass. Loosse mer eis och e bëssen doriwwer freeën. Well dat do hätten déi meescht Leit och net fir méiglech gehalen, dass mer dat nach eng Kéier gedréit kriterien.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wirtschaftsminister. Wëllt den Här Kaes nach eng Kéier d’Wuert ergreifen?

(Négation)

Neen, okay. Domadder wär dee Sujet ofgeschloss. Da kéime mer un den nächste Punkt vun eise Ordre du jour vun haut de Mëttag, do hu mer de Projet de loi 6081, eng Direktiv iwwert d’Abus de marché. D’Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Bettel. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d’Wuert.

## 6. 6081 - Projet de loi portant modification de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché et portant complément de transposition de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 sur les opérations d’initiés et les manipulations de marché (abus de marché)

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir d’Wuert. Dir Dammen an Dir Härren, Kolleeginnen a Kolleegen, heiansdo kënnen déi vu Bréissel ee richteg nerven! Wéi dacks si si hanner eis hier, well mir alt erëm eng Kéier mat der Ëmsetzung vun enger Direktiv getrentelt hunn? A wéi dacks hu se eis scho beim Europäesche Gerichtshaff um Kierchbi-erg verklot, fir datt mir fir eis Aarmséileg-keet bei der Ëmsetzung geklaakt a ge-bousst solle ginn? Ëm esou eng Mise en demeure geet et och des Kéier. Allerdéngs net, well mir eng Ëmsetzung verschlof hätten, mä well d’Transposition vun enger Direktiv, déi mir viru véier Joer ge-maach hunn, der Kommission net kom-plett genuch ass!

2006 hu mir d’Direktiv iwwert déi sou-genannt Abus de marché an eist nationaalt Recht iwwerholl. Déi Direktiv gëtt der Finanzopsicht, also an eise Fall der CSSF, ënner anerem d’Mission, de Verstéiss géint d’Regele vun de Finanzmäert, zum Beispill wat d’Insidergeschäfte ugeet, no-zegoen an eventuell Strofen ze verhängen. Domat krut d’CSSF de Pouvoir, fir am Ver-dachtsfall Nofuerschungen an och souger Inspektiounen ze maachen - wa se e Ver-stouss feststellt - an dann natierlech och Sanktiounen géint déi Betreffen ze er-gräfen.

Alles schéin a gutt, hu se zu Bréissel gemengt, mä an Arem Gesetz gëtt d’Zou-stännegkeet vun der CSSF op déi limitéiert, déi hirer Kontroll ënnerleien - awer dat geet net duer -, limitéiert op déi, déi vun der CSSF solle kontrolléiert ginn, an dat geet net duer. Well et kënnen och aner Acteure wéi déi, déi vun der CSSF be-opsiichtegt ginn, an eng Finanzaffär ver-wéckelt sinn. A géint déi kéint d’CSSF dann näischt ënnerhuelen.

Bréissel ass duerfir net mat der Restriktion am Lëtzebuurger Gesetz averstanen a ver-laangt, datt d’Kontrollere vun der Finanz-plaz iwwerall a bei jiddwerengem aktiv kënnen ginn, wann e Verstouss géint d’Re-gele vun der Direktiv „Abus de marché“ virläit.

Mä domat ass et nach net gedoen. Och d’Kompetenz, déi de Lëtzebuurger Légis-lateur der CSSF ginn huet, fir Sanktiounen auszesprechen, geet der Kommission net wäit genuch. Wuel heescht et an hirer Direktiv, datt d’CSSF nëmmen adminis-trativ Strofe verhängen däerf, datt dat awer ëmmer dann ze geschéien huet, wann iergendee Verstouss géint d’Dispositiounen vun där Direktiv festgestallt ginn ass. Do-raus hat de Lëtzebuurger Législateur bei der Ëmsetzung viru véier Joer - ëmmer an der Logik, datt d’CSSF net iwwer hiren direkte Wierkungskrees erauszegoen huet - e Verstouss géint d’professionell Verpflich-tunge vun de Finanzopérateure gemaach, wat de Bréisseler erëm ze restriktiv an eben net konform mat der Direktiv ass.

Bei dësem Gesetzesprojet geet et elo dodrëm, deene Bréisseler ze follegen an eist Abus-de-marché-Gesetz vun 2006 ent-sprechend ëmzeänneren. Domat hätte mir un a fir sech och weider kee Problem, wann do net déi Retizenze wieren, déi schonn deemools derzou gefouert haten, datt mir, notamment op d’Dirängele vum Statsrot, Ofstrécher bei der Ëmsetzung ge-maach haten. Mir hanken hei nämlech alt erëm eng Kéier an engem Konflikt, an deem mir all Kéier da landen, wann et ëm d’Kompetenze vun den Opsichtsgremie geet, déi am Laf vun der Zäit e bësschen iwwerall entstane sinn an déi ëmmer méi Zoustännegkeeten an och ëmmer méi Awirkungsméiglecheete kritt hunn.

Ob et sech elo ëm d’CSSF oder d’Assu-rancëkommissariat, ëm den ILR oder ëm

d’Dateschutzkommission handelt, bei hinnen all stellt sech ëmmer erëm op en Neits d’Fro, wéi wäit dann elo hir Befug-nisser goen därfen. Schliesslech ass an engem Rechtsstat wéi eise säit jeehier d’Zesummeliewen an d’Organisation vun der Gesellschaft duerch Gesetzer geregelt. An deenen hir Anhalung gëtt vun der Justiz kontrolléiert an eventuell sank-tionéiert. Do stellt sech dann d’Fro, a mir hunn eis eréischt gëschter am Zesummen-hang mam ILR erëm eng Kéier mat där Fro hei befaasst - kënt Der lech erënnere? -, wou do d’Plaz vun deene genannte Kon-trollinstanzen ass, déi net nëmme Regeln opstellen, mä och nach Boussen an aner Sanktiounen ausdeelen, wann déi Regeln net agehale gi sinn.

Et ass duerfir kee Wonner, datt de Statsrot all Kéier an Hoer an der Zopp fënn, wann et ëm déi „watchdog bodies“ geet, déi mir, wéi hir Bezeechnung et scho seet, aus dem angelsächsische Recht iwwerholl hunn an déi net esou richteg mat eise laténgesche Recht ënner een Hutt ze bréngen sinn. D’Bedenke sinn ëmsou méi grouss, well sech d’Regele vun deene Wuechthënn quasi als Complément un déi normal Gesetzgebung uschlëssen an d’Distinction tëscht deene Verstéiss, déi vun enger Surveillance sanktionéiert kënnen ginn, an deenen, déi virun e Ge-richt gehéieren, net ëmmer ganz einfach ass.

Dat war och den Haaptgrond, firwat eise Statsrot schonn 2006 seng Problemer mat dem Abus-de-marché-Gesetz hat a firwat hien elo bei der Nobesserung nach eng Kéier à charge koum an d’Finanzkom-mission dozou ugehalen huet, senge Bedenke Rechnung ze droen an Amendement zur éischter Versioun vun dësem Text ze maachen.

Zwou Froen hunn de Statsrot besonnesch beschäftigt: Éischters, wéini ass d’CSSF kompetent a wéini huet dat normaalt Gericht aktiv ze ginn? An zweetens, wéi kann ee verhënneren, datt en Delinquent zweemol fir deeselwechte Verstouss, an zwar eng Kéier vun der CSSF an dann nach eng Kéier vum normale Gericht, geklaakt ka ginn, wat natierlech géint den hellege Rechtsprinzip vum non bis in idem ver-stousse géif?

No etlecham Hin an Hier gouf déi Trenn-linn elo zimlech genee, an zwar esou gezunn: Wann den Abus de marché een-deiteg op eng bedréieresch Manipulation zréckgeet, där hiert Zil et war, sech selwer oder anerer ze beräicheren, dann huet een et mat engem sougenannten „dol spécial“ ze dinn, an da gehéiert d’Affär virun d’Ge-richt. Handelt et sech awer nëmme ëm eng Noléissegkeet oder eng Onvirsichteg-keet, da kann d’CSSF selwer aktiv ginn. Am Zweifelsfall gëtt d’CSSF, wa se jo op eppes gestouss ass, den Dossier un de Parquet weider, deen ees wéi ees an d’Bild gesat gouf selbstverständlech, fir datt ëmmer nëmme eng Instanz befaasst ass, an net der zwou zugläich, woumat dann och dem Prinzip vum non bis in idem respektéiert wier.

Esou eng Komplementaritéit tëscht zwou verschiddenen Autoritéite setzt natierlech an der Praxis eng enk Zesum-menaarbecht viraus. Déi gëtt dann och mat dësem Gesetz am Detail geregelt, fir eventuelle Reiwereien tëscht Gericht an CSSF aus de Féiss ze goen.

Ech brauch net op déi sëllechen Einzel-heeten anzegoen, déi vun dësem Gesetz och nach geregelt ginn. Ob et elo ëm d’Definition vun deem dacks am Finanz-jargon gebrauchte Begrëff „émetteur“ geet oder ëm grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht vun der CSSF mat hire Konterparten am Ausland. Ech brauch och weider net op déi aner Avisen, dee vun der Chambre de Commerce an dee vum Ordre des Avocats anzegoen, well deene béiden hiren Observatiounen ass bei der End-faassung vum Text vun der Finanzkom-mission Rechnung gedroe ginn.

Här President, erlaabt mer awer nach zum Ofschloss eng Bemierkung lasszeginn, déi als guttgemengte Recommandation ze verstoen ass. Ech hunn éineschters gesot, datt et ëmmer erëm zu Reiwereie kënn, wann et ëm de Kompetenzberäich vun den Iwwerwachungs-gremie geet, déi mir aus dem angelsächsische Recht iwwerholl hunn an deenen hir Origine op de Prinzip

vum „self-control“ zréckgeet, wat dann och zum Beispill erkläert - wat wahrschein-lech wéiniger vun lech souger wëssen -, firwat eng CSSF net vum Stat, mä vun deene finanzéiert gëtt, déi si ze kontrol-léieren huet, nämlech vun de Banken an deenen anere Finanzopérateuren.

Fir deem éiwege Gedeessens iwwert d’Zoustännegkeet vun deenen Autoritéiten en Enn ze maachen, musse si géint déi normal Gerichtsbarkeet ofgegrenzt ginn. Duerfir wier et vläicht net dernieft, iwwer e spezielle Statut vun deene Gremien nozedenken a vläicht där hir Verankerung an der Verfassung virzugesinn, wéi et och gëschter schonn op dëser Tribün an enger Bemierkung vum Minister Biltgen uge-klongen ass.

Ech kéint mer zum Beispill en Zousaz zum Artikel 108bis iwwert d’Établissements publics virstellen, zu deenen eis méi oder wéiniger onofhängeg Kontrollinstanze jo gehéieren. Nach besser wier awer, a mengen Aen, en extrae Paragraph an eiser Constitution fir déi „watchdog bodies“, mat deem deenen hire Statut definitiv gekläert géif.

Dat gesot, wëll ech de Kolleeginnen a Kol-leegen aus der Finanzkommission an hire Mataarbechter Merci fir hiren Asaz soen an lech an hirem Numm och bieden, dësem Gesetzesprojet Är Zoustëmmung ze ginn. Déi vun der CSV-Fraktioun ass him elo scho sécher.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Lucien Thiel. Elo kritt d’Wuert den Här Xavier Bettel.

**Discussion générale**

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Merci, Här President. Ech wëll am Kontext vum Projet de loi 6081, dee mer haut elo wäerte stëmmen, fir d’Éischt dem Här Thiel e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport, an awer och dem Här Wolter an dem Här Frieden Merci soen. Firwat? Well ech muss lech soen, Här Pre-sident, wann den Text, deen déposéiert ginn ass, dee wier, dee mer haut misste stëmmen, dann hätten eis Fraktioun deen net gestëmmt. An ech wäert och erklären, firwat. Ech mengen, gëschter ass d’Ma-dame Brasseur schonn an den Detail agaang-en iwwer e Prinzip, dee mer am Moment zu Lëtzebuerg hunn, vun der extrajudiciairer Sanktioun, déi sech e bësse generaliséiert.

Mir hunn déi lescht Joren ëmmer scho gesot, datt d’Qualitéit vum OPJ ëmmer méi breet ginn ass. D’Qualitéit vum Officier de police judiciaire hunn ëmmer méi Leit kritt an deem Land, wat norma-lerweis jo am Ufank eng Qualitéit sollt si vun engem Polizist, ab initio, ganz am Ufank, dee sollt selbstverständlech dann och Enquête maachen. An do gëtt et jo den APJ an den OPJ bei der Police. Am Moment si mer amgaangen, ëmmer méi OPJen hei am Land ze kreéieren. Op där anerer Säit si mer ëmmer amgaang... Viru kuerzem hat ech d’Geleeënheet, mam Här Bauler an der Commission de l’Économie beim Här Bodry ze sëtzen, wou et iwwert d’Konkurrenz gaangen ass a wou mer och gesinn hunn, datt ëmmer méi Infrac-tiounen an Amendé vun administrativen Administratiounen oder Organer gesprach kënnen ginn.

Mir sinn eis eens, an engem Rechtsstat, Här President, datt d’Séparatioun tëscht dem Pouvoir exécutif an dem Pouvoir judi-ciaire muss bestoe bleiwen an datt déi och muss garantéiert ginn. Et kann net sinn, datt de Pouvoir exécutif ëmmer méi... Well och, wann ee sech da fret: Déi Institu-tiounen, sinn déi éischter judiciaire oder sinn déi ënnert dem Pouvoir exécutif ge-bonnen, esou wéi déi verschidden Organi-satiounen an Instanzen, déi mer hei kucken, zum Beispill d’CSSF? Wou ass dat? Wien ass do de responsabelen adminis-trative Chef? Ass et de Ministère? Si se indépendant? Dat si Froen, déi ee sech wierklech misst stellen.

An ech mengen, esou wéi den Här Thiel och hei insistéiert huet, ech hu wierklech





probéiert, Här Thiel, dat elo richteg ze maachen, dass mer eng Motioun hei déposéieren als Fraktioun vun der Demokratescher Partei, wou mer wierklech och soen, dass mer mussen oppassen, a mir wäre frou, wann d'Regierung eng Analys géif maache vun de Compétences judiciaires attribuées à certains établissements publics ainsi qu'à certaines administrations à la lumière des préceptes de la séparation des pouvoirs.

Sou wéi gëschter schonn d'Madame Brasseur hei insistéiert huet beim ILR, menge mir, dass et immens wichtig ass, dass mer emol eng Kéier gesot kréien, wéi vill d'Administratiounen et gëtt, wéi déi schaffen an - virun allem - wat déi vu Sanktiounen kënne spriechen. Mir gesinn nämlech, ech hunn lech virdru gesot, beim Texte initial hätte mer missen Nee soen. Den Texte initial wor, dass am Fong d'CSSF konnt d'Sanktiounen spriechen, an et ass duerch d'Aarbecht an der Kommissioun, duerch Avisen, déi mer kritt hunn, an och dem Rapporteur seng Positioun, dass elo de Parquet am Fong decidéiert bannent dräi Deeg - e kuerzen Délai -, ob hie selwer sech eng Affär opmécht oder ob d'CSSF soll sech drëms këmmen.

Et kann net sinn, dass eng CSSF, esou wéi den Text am Ufank virgesinn huet, selwer am Fong konnt decidéieren, ob si eng Affär weidergeleet hätt, oder ob si selwer eng Amende administrative hätt kënne spriechen.

Da kréien ech gesot: „Jo, mä am Rechtsstat hei zu Lëtzebuerg, Här Bettel, gëtt et jo nach den Tribunal administratif an d'Cour administrative, an déi hunn awer nach ëmmer d'Méiglechkeet, vis-à-vis vun enger Amende administrative kënnen dat ze briechen.“ Certes! Mä mir sinn eis eens: En Délit d'initié ass dès le départ normalerweise jo e Fait pénal, a ganz vill Saache si Fait pénal, an do ass et net um Tribunal administratif oder un der Cour administrative Juge correctionnel ze ginn an do ze kucken, wat d'Circonstances atténuantes sinn, wéi e Fait pénal do ass, ob e ginn ass, ob et e Commencement d'exécution - wéi, wat a wou. Dass mer eis eens sinn: Dat kann an deem Land net esou sinn.

Mir si frou, dass dowéinsten den Untersuchungsrichter elo dès le départ eng wichtig Roll huet, dass de Parquet eng wichtig Roll huet, an dass déi zesumme mussen schaffen.

Wann d'Volontéit vun der Regierung ass, dass ëmmer méi Administratiounen Pouvoir kréie vun de Gerichter, well se mengen, dass et op de Gerichter ze lues geet, ass et keng Alternativ. Mir als Demokratesch Partei insistéieren, fir dass d'Séparation des pouvoirs hei Garant gëtt. Et ass net u verschidde Beamten hei Riichter ze spillen a Sanktiounen kënnen ze prononcéieren. Et ass nach ëmmer un de Gerichter ze kucken, ob d'Gesetzter applizéiert ginn oder net.

Här President, hei sinn dräi Ënnerschrëften am Moment: vun der Madame Brasseur - well se och gëschter schonn iwwert de Sujet jo hei diskutéiert huet -, vum Här Etgen a vu mir selwer, an et sinn der dräi drop. Wann nach aner Fraktiounen domadder kënne liewen, dass een einfach seet, dass ee soll eng Kéier d'Regierung froen, dass ee kuckt, wat et gëtt, an eis dat och eng Kéier presentéiert an der Kommissioun, wäre mer ganz frou, wann déi kéint hei ugeholl ginn.

An dann, esou wéi ech et scho virdru gesot hunn...

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Wann dat drasteet, wat Der sot, Här Bettel, da kënne mer se...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Also, wann Der se net esou verstitt, da kënne mer nach ëmmer dat eent oder dat anert änneren. Mä et geet awer...

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Mir wëlle jo an Harmonie hei vuneneen goen.

► **Plusieurs voix**.- Oh!

(Hilarité)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Et geet selbstverständlich awer an déi Richtung. An ech mengen, Här President, esou wéi den Här Schiltz elo just gesot huet, dass mer haut en harmoneschen Dag sollen hunn. Mir hätten déi Harmonie gebrach, wann dës Kommissioun net den Text esou geännert hätt, wéi en elo gestëmmt ka ginn. A selbstverständlich wäert dann och, fir déi Harmonie ze respektéieren, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dës Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant le projet de loi N°6081 portant modification de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché et portant complément de transposition de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 sur les opérations d'initiés et les manipulations de marché (abus de marché);*

- *relevant l'article 5 dudit projet de loi prévoyant à l'article 33 paragraphes 3 et 4 de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché que «la Commission [Commission de surveillance du secteur financier] peut prononcer une amende d'ordre de 125 à 25.000 euros contre ceux qui font obstacle à l'exercice de ses pouvoirs de surveillance et d'enquête, qui ne donnent pas suite à ses injonctions ou qui lui auront sciemment donné des informations inexactes ou incomplètes» et que «si les indices peuvent justifier l'ouverture par la Commission d'une procédure administrative susceptible d'aboutir à l'imposition d'une amende au titre des paragraphes 1 ou 3, elle en informe le Procureur d'État [...]»;*

- *notant que de ce fait l'on procède à une juridicisation d'un établissement public en lui conférant le pouvoir de prononcer des sanctions administratives;*

- *soulignant qu'il ne s'agit pas d'un cas isolé où l'on octroie des compétences judiciaires à un établissement public ou une administration;*

*invite le Gouvernement à*

- *analyser les compétences judiciaires attribuées à certains établissements publics ainsi qu'à certaines administrations à la lumière des préceptes de la séparation des pouvoirs.*

(s.) Xavier Bettel, Anne Brasseur, Fernand Etgen.

(La motion n'ayant porté que trois signatures lors du dépôt, elle a par la suite été cosignée par MM. André Bauler, Mill Majerus et Lucien Thiel.)

► **M. le Président**.- Merci dem Här Bettel. Soss hunn ech keen agedroene Riedner méi. An de Finanzminister wëllt och näischt méi weider zu deem Text soen. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6081 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6081 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 6130 iwwert d'Steieren. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech just ageschriwwen den Här Etgen. D'Wuert huet elo...

(Interruption)

Den Här Etgen.

► **Une voix**.- Dee kënnt Der bifféieren.

(Interruptions et hilarité)

► **M. le Président**.- Et gëtt kee méi de Mëtteg gestrach.

► **Une voix**.- Den Här Etgen géif gär gestrach ginn.

(Hilarité générale)

► **M. le Président**.- Duerfir kritt elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6130 - Projet de loi modifiant les articles 157, 157bis et 157ter de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

**1) établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre**

**2) créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto**

**3) modifiant l'article 13 bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, Här Minister, Uerteeler vun dem Europäesche Gerichtshaff maache vun Zäit zu Zäit Emännerungen an eiser Steiergesetzgebung néideg. Dat ass och bei dem Gesetzesprojet vun haut de Fall. Mir goufen am Abrëll 2009 vun der Europäescher Kommissioun mat enger Mise en demeure opgefuerdert, fir eis Gesetzgebung am Beräich vun der Besteuerung vun den Non-résidants ze änneren. Si verstéisst op bestëmmte Punkte géint de Gemeinschaftsprinzip vun de fräien Déngschtleeschungen, also der Libre prestation de service.

Non-résidants am Sënn vun der Steiergesetzgebung si Leit, déi, wéi d'Wuert et seet, net hei am Land wunnen, awer zu Lëtzebuerg steierflichteg Revenuen hunn. Een Uerteel vun dem Europäesche Gerichtshaff an enger Affär Gerritse aus dem Joer 2003 huet festgehal, dass d'steierflichteg Akommesse vu sougenannten Non-résidants wuel kënne mat engem forfaitairen Taux besteiert ginn, mä an deem Fall d'äerf d'Steierbelaaschtung net méi héich ze sinn, wéi wann den normale Steierbarème géif applizéiert ginn, an zwar op dem entsprechende Revenu, wou een déi iewescht Limite vun der steierbefreiter Akommestranche - dat ass de sougenannte Minimum vital exonéré - derbäizielt.

Här President, dat kléngt vläicht e bësse méi komplizéiert, mat engem Beispill versteet een dat awer méi einfach. Eng Persoun, déi zu Arel wunnt an zu Stengefort en Appartement verlount, kritt do 10.000 Euro d'Loyer d'Joer. Wann déi Mieteneinnahm dat eenzegt Akommes duerstellt, wat déi Persoun hei zu Lëtzebuerg huet, da muss se geméiss der aktueller Gesetz-

gebung hei am Land dorops 1.500 Euro Steiere bezuelen. Dat aktuell Gesetz gesäit nämlech an deem Fall vir, dass am Prinzip no dem Steierbarème vun der Steierklass 1 besteiert gëtt, ouni dass awer de Steiertaux d'äerf ënner 15% falen.

No der Gesetzesännerung, déi mir mat deemem Projet de loi um Niveau vum Akommessteiergesetz maachen, gëtt d'Steierbelaaschtung an dem virgenannte Beispill gerechent no dem Steierbarème op engem hypothetesch Montant vun 10.000 Euro Loyer plus dem sougenannte Minimum vital exonéré, dat heescht dem steierbefreiten Héchstbetrag vun 11.265 Euro, wat insgesamt 21.265 Euro duerstellt. Geméiss dem Steierbarème falen hei an der Steierklass 1 1.224 Euro un. Duerch d'Gesetzesännerung géif an deem Beispill déi betreffend Persoun deemno 276 Euro manner Steiere musse bezuelen.

Dës System gëtt elo agefouert um Niveau vun dem Artikel 157 an 157bis vum Akommessteiergesetz, op deene Revenuen, déi net no dem System vun enger sougenannter Retenue à la source besteiert ginn. An der Praxis betreffen deemno d'Emännerungen duerch dës Gesetzesprojet haaptsächlech Revenuen vun Non-résidants, déi mat enger Immobilie hei am Land zesummenhängen. Dës ginn a verschidde Fäll, wéi virdrun illustréiert, méi favorabel besteiert. Mä de Steierausfall fir eist Land ass insgesamt awer minim, well déi Situatounen, wou sech den neie System méi favorabel weist, der sinn, wou d'Revenuen, déi zu Lëtzebuerg ze besteiere sinn, relativ niddreg sinn.

Hätt an deem virgenannte Beispill déi betraffe Persoun vun Arel net 10.000 Euro Mieteinnahmen zu Lëtzebuerg, mä zum Beispill 20.000 Euro gehat, dann hätt d'Gesetzesännerung, iwwert déi mir haut ofstëmmen, an der Praxis keen Impakt. An deem Fall wär nämlech d'Steierbelaaschtung op engem theoreteschen Akommes vun 31.000 Euro, dat heescht Mieteinnahme plus de Minimum vital exonéré, méi héich wéi einfach de forfaitairen Taux vu 15% op de Loyer, esou wéi et haut am Gesetz steet. Et wär also kee Steierausfall am Verglach zum Ist-Zustand vun eiser Législatioun.

Här President, de Gesetzesprojet gesäit nach eng drëtt Modifikatioun vum Akommessteiergesetz vir. Dëst betrëfft méi genee d'Konditiounen, wouduerch déi sougenannt Non-résidants fir hir steierflichteg Revenuen zu Lëtzebuerg d'selwecht besteiert gi wéi d'Residenten. Bis elo ass d'Regel esou, dass een Non-résident, dee méi wéi 90% vu sengem gesamte professionellen Akommes hei am Land erwirtschaft, kann en Antrag un d'Steierverwaltung stellen, fir d'selwecht besteiert ze ginn, wéi wann en hei am Land géif wunnen. An deem Fall huet déi Persoun, jee no Familijsituatioun, Recht op d'Steierklass 2 mat dem Benefiss vum sougenannte Splitting a kann doriwier eraus och nach seng Sonderausgabe wéi zum Beispill Assurancëprimen oder Schuldzëns grad wéi déi verschidde Steierabattementer vu sengem versteierbaren Akommes hei am Land ofsetzen.

An dem Gesetzesprojet gëtt awer elo net méi dat professionellt Akommes als Referenz geholl, mä dat Gesamtkommes vun der betraffener Persoun. An der Praxis bedeit dat, dass eng Persoun, déi zum Beispill eng kleng Rent an hirem Heemechtsland bezitt, loosse mer soen 12.500 Euro d'Joer, mä hei am Land gréisser Mieteinnahmen hätt, zum Beispill 125.000 Euro d'Joer, da kann dës Persoun op hirem besteierbaren Akommes, wat si hei am Land erwirtschaft, esou besteiert ginn, wéi wa se hei usäseg wier.

Ëmgedrëit verléiert awer duerch dës Gesetzesännerung de Benefiss vun der sougenannter Assimilatioun déi Persoun, déi zwar hiert professionellt Akommes zum Beispill zu 100% hei am Land géif bezéien, mä derniewent nach Akommes, zum Beispill Loyer, an hirem Heemechtsland hätt, déi méi wéi 10% vun hirem Gesamtkommes ausmaachen. An deem Fall géifen nämlech net méi 90% vun dem Gesamtkommes vun der betraffener Persoun hei zu Lëtzebuerg realiséiert ginn.

Wat déi effektiv Steierlaascht op de Lëtzebuerger Revenuen ass, hänkt awer am Endeffekt dovunner of, wat déi sougenannt Duebelbesteuerungsofkommes soen,